# Wann's de Hëllef brauchs, da riffs de direkt un

**Autorinnen : Nancy Wunsch & Becky Schiltz**

Wann s de Hëllef brauchs, da rifts de direkt un! (2x an d'Hänn klappen)
Wann s de Hëllef brauchs, da riffs de direkt un! (2x an d'Hänn klappen)
Wouu missssst een sech do mellen,
dass si kommen eis grouss Helden?
Wann s de Hëllef brauchs, da riffs de direkt un! (2x an d'Hänn klappen)

Déi richteg Nummer dat ass d'112! (2x an d'Hänn klappen)
Déi richteg Nummer dat ass d'112! (2x an d'Hänn klappen)
Schwätz ganz daitlech an dain Handy,
Du bass SUPER, MEGA, FANCY!
Déi richteg Nummer dat ass d'112! (2x an d'Hänn klappen)

Wat ass wichteg do ze soen zack, zack, zack! (2x an d'Hänn klappen)
Wou sinn ech drun? Wat ass geschitt? Wee sinn ech dann? (2x an d'Hänn klappen)
Wéi vill Leit sinn da blesséiert?
Lee net op bis d'eppes héiers!
112 dat weess all Däbbes an all Kand! (2x an d'Hänn klappen)

Da kommen d'Pomjéen mat der Ambulanz. (2x an d'Hänn klappen)
Mat bloer Luucht a ganz schéigroussem TamTamTam. (2x an d'Hänn klappen)
112 ass ganz schéi wichteg,
wann s de Hëllef brauchs, an zwar richteg!
Du mëss dat gutt, ech si ganz stolz op dech mai Kand! (2x an d'Hänn klappen)

**Entdeckt d'Lidd mat dësem QR-Code:**

CHARITY KIDS RUN – GROUSS HÄERZER – KLENG LEEFER

croix-rouge luxembourgeoise – Mënschen hëllefen